N°929
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Gesondheet & Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.**

Wien éischt Hëllef leeschte kann, dee ka Liewe retten. Leit, déi een Éischt-Hëllef-Cours gemaach hunn, léieren déi richteg Reflexer an Handlungen. Et wier dofir sënnvoll, dass jiddereen an eiser Gesellschaft op mannst eng Kéier am Liewen esou een Éischt-Hëllef-Cours gemaach hätt.

An Däitschland ass den Éischt-Hëllef-Cours obligatoresch, fir den Erhalt vum Autosführerschäin. Domadder ass séchergestallt, dass all Joers dausende Leit eng Grondausbildung hunn an ee Pool u Millioune vu Bierger:innen weess, wéi am Eeschtfall muss gehandelt ginn.

Den Donnéeën no aus eiser parlamentarescher Fro n°2741 haten 2019 eng 16.383 Leit bei engem Éischt-Hëllef-Cours matgemaach.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hu vun 2020 bis 2023 un engem Éischt-Hëllef-Cours hei am Land matgemaach?

2. Wéi vill Leit besëtzen zum aktuellen Zäitpunkt ee gültegen Éischt-Hëllef-Diplom?

3. Wëll d'Regierung dofir suergen, dass méi Persounen eng Grondausbildung an éischter Hëllef maachen?
   Falls jo, wéi eng Aktioune sinn hei geplangt a wéi eng Ministèrë wäerten hei impliziéiert sinn?

Mat déiwem Respekt,

| | | |
|---|---|---|
| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc | POLIDORI Ben |
| Deputéierten | Deputéierten | Deputéierten |